



Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech géif da froen, ob Der da bereet sidd, fir op den zweete Vott ze verzichten.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Motions

Mir sinn da mat zwou Motiounen konfrontéiert, déi äänlech Visééen hunn, awer net identesch sinn.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wie geet am wäitsten?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Nee, ech géif mengen, dass mer hei, wann ee sech net op eng gemeinsam kann eenegen, dass mer da chronologesch solle virgoen. Ech mengen, d'Diskussiounen...

Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech mengen, mir sollten dat maachen, chronologesch virgoen, well d'Viséée sinn zwar nëmmen zu engem Deel d'selwecht. Déi, déi d'CSV deposéiert huet, geet licht méi wäit wéi déi aner, respektiv haaptsächlech d'Considerante sinn awer fundamental anescht, soudatt mer net kënnen op déi eng iwwersprangen. Mir sollen also iwwert déi zwou ofstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech sinn absolutt mat lech d'accord. Mir géifen da fir d'Éischt iwwert d'Motioun ofstëmmen, déi vun de Kollege vun der CSV abruecht ginn ass. Den Här Spautz hat als Éischten d'Motioun abruecht. An ech géif dann d'Ofstëmmung lancéieren. Déi, déi also mat der Motioun vun der CSV d'accord sinn, stëmmen mat Jo, an déi, déi net domat d'accord sinn, stëmmen mat Nee.

Vote sur la motion 1

Voilà, d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

28-mol Jo, 32-mol Nee, keng Abstentiounen, an domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia).

A mir géifen dann zu där zweeter Motioun iwwergoen, déi en äänlechen Objet huet, awer net gradesou wäit geet. Da géif ech déi zur Ofstëmmung bréngen. Et ass déi Motioun, déi vun der Majoritéit abruecht ginn ass. A wie mat dëser Motioun d'accord ass, stëmmt mat Jo. An deem, deem net d'accord ass, stëmmt mat Nee.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

(Interruptions)

Jo, en ass esou schmuell ginn, dass een en net méi gesäit.

(Hilarité)

An den Här Angel, dee gëtt dann erëm vum Virtuellen zum Reelle gebeamed.

Also, 35-mol Jo, 25-mol Nee, domat ass déi Motioun ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir sinn dann um Enn vun eisen Debatten iwwert de REVIS ukomm. Mir géifen elo zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6913 iwwert den Archimage. Eise Rapporteur stécht an engem Stau.

Här Rapporteur, ech géif mengen, mir waarden nach zwou Sekonnen, bis dass d'Rou erëm am Sall agekéiert ass.

Sou, ech mengen, d'Rou ass erëm do. De Rapporteur, den Här Bauler, huet elo direkt d'Wuert.

8. 6913 - Projet de loi sur l'archimage et portant modification

1° de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État;

2° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

3° du décret modifié du 18 juin 1811 contenant règlement pour l'administration de la justice en matière criminelle, de police correctionnelle, et de simple police, et tarif général des frais

Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e groussen Dag fir déi national Archiven, well de Vott vum Gesetzesprojet 6913 erlaabt eis, eng gesetzlech Basis ze schafen, fir datt eng vun den zentralen Aufgabe vun engem Stat erfëllt ka ginn, an zwar déi vun der Erhaltung an der Iwwerliewerung vun eisem schréfftleche Patrimoine.

Eis national Archive sinn ouni Zweifel e wesentlechen Deel vun dëser Ierfschaft, deem et ze erhalen an zougänglech ze maache gëllt. Mir kréien elo endlech e komplette legale Kader, dee fir d'Alleréischt an der Geschicht vu Lëtzebuerg definéiert, wat Archive sinn, an deem déi ganz Bandbreit vun der archivistescher Aarbecht, vun der Selektioun iwwert d'Kollekt an der Erhaltung bis hin zur Kommunikatioun, ofdeckt.

Zu Lëtzebuerg goufen et bis ewell just vereenzelt an a verschidden Texter verstreut Dispositiounen, déi punktuell Aspekter vum Archimage geregelt hunn. Beispiller vun Texter an deem Kontext sinn de kinneklech-groussherzoglechen Arrêté vun 1878, de groussherzogleche Règlement vun 2001 iwwert d'Consultatioun vun den Archiven am Nationalarchiv oder nach d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Notariat aus dem Joer 1976.

Wa mer eis mat aneren europäesche Länner vergläichen, si mir effektiv an där Hisiicht e gutt Stéck hannendran. Just fir der zwee erauszepicken: d'Bundesarchivgesetz an Däitschland staamt aus dem Joer 1988, dat aus Eisträich gouf ëmmerhin 1999 gestëmmt. Bei eise fran-

séischen Nopere ginn déi éischt Gesetzer a Circulären op d'Zäit vun der Revolutioun zrëck.

Bis ewell huet den Archimage virun allem op enger fräiwëlleger Approche baséiert. D'Gesetz vun 2004 iwwert d'Kulturinstituter definéiert dem Nationalarchiv seng Missiounen, déi virun allem am Sammelen, am Klasement, am Tri an an der Conservatioun vun deenen Dokumenter, déi si kréien, bestinn.

An anere Wieder: D'Nationalarchive ware bis elo ëmmer vum gudden Wëlle vun den éffentlechen Institutiounen ofhängeg. Dat ännert sech mam neie Gesetz. Et gëtt näamlech eng Verflüchtung agefouert, déi Dokumenter, déi als Archives publiques definéiert sinn an déi als historesch wäertvoll agestuut goufen, dem Nationalarchiv ze iwwerginn, wann hiren administrativen Notzen net méi ginn ass. Déi onerlaabt Zerstäerung vun dësen Archive gëtt dann och ënner Strof gestallt.

Här President, ier ech e bësse méi an den Detail vum neie Gesetz ginn, erlaabt mer vläicht, nach kuerz iwwert d'Wichtegkeet vun den éffentlechen Archive fir eis Gesellschaft ze schwätzen! Firwat soll eng allgemeng Archivkultur gefërdert ginn? A firwat brauche mer präzis Regeln a Kritären an deem Beräich?

Déi national Archive sinn dat kollektiiv Gediechtnes vun engem Land, déi Plaz, wou - am Idealfall - all déi relevant historesch Dokumenter aus eiser Geschicht gesammelt ginn. Si sinn domadder net manner wéi eng Fënster, déi een opmaache kann, fir an d'Vergangenheet ze kucken. Ech denken do un déi sëllege Notairesakten, mat Hëllef vun deenen een am Nationalarchiv op d'Sich no Familljemembere ka goen, virun allem dann, wann d'Akten aus dem État civil vun de Gemengen net méi weiderhëllefe kënnen an d'Porregësteren och näischt méi hierginn, beziéungsweis duerch den Zweete Weltkrich oder aner Emstänn zerstäert goufen.

Ech denken och un historesch Dokumenter, wéi zum Beispill déi éischt Vollekszielung an der eisträichescher Zäit ënnert dem Maria Theresia am Joer 1766 oder un d'Feuerstättinnenverzeichnis vu 1611, dat vu 1624 an dat vu 1653, déi et erlaben, den deelweis drastesch Réckgang vun de Stéit no der Katastroph vum Drësegjärege Krich heizuland ze retracéieren. Oder u Liassen, déi dokumentéieren, wat mat eise Kléischter geschitt ass, déi ënnert dem Jousef II. an an der Franséischer Revolutioun opgeléist goufen.

Et gëtt eng Abberzuel u wäertvollen, jo onersetzlechen Dokumenter, déi eis Geschicht hëllefen opzeschaffen an déi eis e Bild vun der deemoleger Gesellschaft hëllefen ze rekonstruieren. Dat gëllt natierlech och fir Dokumenter aus de Weltkriecher an aus den Nokrichsjoren, déi et erlaben, e méi treit Bild vum 20. Jorhonnert ze zeichnen.

All dës schréfftlech Tracen hëllefen ze verstoen, vu wou mer als Land, als Natioun hierkommen a firwat mer haut do stinn, wou mer sinn. Si sinn dowéinst e wäertvolle Schatz fir Fuerscher an Historiker, engersäits, mä och fir den interesséierte Laien, deem no senge Familljewuerzele sicht oder eng Lokalchronik schreift. Alles an allem si se indispensable, fir eis kollektiv Memoire ze bilden.

Do dernieft ass de fräien Zougang zu den éffentlechen Archiven essenziell an enger demokratescher Gesellschaft, fir d'Transparenz vun den éffentlechen Institutiounen ze garantéieren. D'Archiven ënnerstëtzen an alimentéieren den éffentlechen Debat a si féerden a gewëssener Hisiicht d'Kontroll vum Stat duerch d'Zivillgesellschaft.

Da spillen d'Archiven awer och fir de Stat selwer eng wichteg Roll, an zwar an deem Sënn, dass nëmmen eng korrekt Gestiou vun alle wichtegen Dokumenter, déi vun den eenzelne Verwaltungen produziéiert ginn, respektiv déi se vun d'obausse kréien, eng effikass Gouvernance vum Statsapparat an e gutt Fonctionéiere vun de staatleche Strukturen erméiglecht. Well dës Dokumenter donieft och dacks eng juristesche Beweiskraaft hunn, muss de Stat se gutt konservéieren, fir spéiderhin eventuell verschidden Aktiounen kënnen ze legitiméieren.

Dir gesitt also, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Archimage huet eng fundamental Bedeutung.

Gläichzäiteg sinn d'Erausforderungen vun enger adequater Konservatioun net ze ënnerschätzen. Déi eenzel Dokumenter solle jo, sou wäit et geet, an engem gudden Zoustand erhalen bleiwen an och nach zukünftige Generatiounen zougänglech sinn. Dofir muss vun Ufank un de jeeweilige spezifesch Ufuerderungen um Material a vum Format Rechnung gedroe ginn. E Blat Pabeier muss selbstverständlech anescht behandelt gi wéi eng Landkaart oder de Plang vun engem Gebai. Hautdesdaags komme jo och nach déi digital Formater derbäi, déi all Kéier eng ganz speziell Behandlung verlaangen.

Et ass dowéinst nëmme richteg an noutwendeg, d'Nationalarchiven, déi eng laang Traditioun, Erfahrung an déi néideg Kompetenzen an deem Beräich hunn, per Gesetz net nëmmen an den Archimage anzebannen, mä se zu engem zentralen Element an der gesetzlecher Architektur vum neien Dispositif ze maachen.

Mam neie gesetzleche Kader mussen all déi betraffen éffentlech Institutiounen déi Dokumenter, déi gehale solle ginn, nodeems se keen administrativen Notze méi hunn, dem Nationalarchiv iwwerginn.

Konkret gëtt also, nieft enger offizieller Definitioun vum Begrëff Archivdokument, och endlech festgeluecht, wéi eng Institutiounen „archives publiques“ produzéieren: Et sinn dëst d'staatlech Administratiounen a Servicer, d'Gemengen, d'Chamber, de Statsrot, d'Justiz, de groussherzoglechen Haff, wann et de Statschef a senger Funktioun betrëfft, de Rechnungshaff an esou weider. All dës Institutiounen hunn elo mam Archivgesetz eng Rei vu Verantwortungen am Kontext vun den éffentlechen Archiven, déi si produzéieren. Si mussen awer net all den Nationalarchiven hir Archiven ubidden, et ass e Régime dérogatoire festgehale ginn, dee virgesäit, dass ënner anerem d'Gemengen, d'Chamber, de Statsrot, d'Cour grand-ducale, d'Justiz an déi reliés Gemeinschaften sech selwer ëm d'Gestioun vun hiren Archive këmmen. Och kann de Minister ënner bestëmmte Konditiounen enger staatlecher Institutioun, déi dat freet, eng Ausnam erlaben, fir en autonomen Archimage ze kréien.

All dës Institutiounen, mat Ausnam vun de Gemengen an de Culen, hunn nom Gesetz siwe Joer Zäit, en Tableau de tri opstellen, deem definéiert, wéi eng Dokumenter derwäert sinn, gehalen ze ginn, a wéi eng net a wéi laang de jeeweilegen Archivproduzent seng Archiven hale muss. D'Gemenge kënnen awer, wa se dat wëllen, e Contrat de coopération mam Stat ofschléissen, a wa se net wëllen, mussen se bei den Nationalarchiven ufroen, ier se Archiven zerstéieren.

Den Nationalarchiv hält, wéi gesot, eng zentral Roll an dësem Gesetz an. Nieft deenen Aufgaben, déi am Gesetz vun 2004 festgehale sinn, ass en an Zukunft och Haaptspriechpartner fir alles, wat mam Archimage zesummenhängt. All Institutioun, déi sech selwer ëm hir Archive këmmert, kann zu all Moment bei den Nationalarchiven ëm Rot an Hëllef froen.

Donieft hunn d'Nationalarchiven awer och d'Aufgab ze iwwerpräiwen, dass all déi Archiven, déi entweder vun Entitéiten verwalt ginn, déi vum Minister erlaabt kruten, sech selwer ëm hir Archiven ze këmmen, oder déi Archiven, deenen hiren administrativen Notzen nach net ofgelaf ass, op déi richteg Manéier verwalt a konservéiert ginn. Si hunn also an där Hisiicht eng Kontrollfunktoun.

Mam Conseil des archives gëtt och en neit Organ geschaaft. Verrieder aus ënnerschiddlechen Domänen, wéi zum Beispill den Administratiounen, der Zivillgesellschaft, den Archivisten, den Historiker an esou weider, kënnen sech an deem Gremium begéien, fir iwwer Froen an Decisiounen am Beräich vun den Archiven ze diskutéieren. De Conseil schreift Avisen a Propositionen, sief et op Ufro vum Minister oder och op Eegeninitiativ. Op dës Manéier ginn déi betraffen Akteuren an den Entscheidungsprozess matagebonnen, wat d'Archiven ugeet.

Esou e konsultativt Organ gëtt et a villen anere Länner. Mir orientéieren eis domadder effektiv un enger internationaler wäit verbreeter Praxis.

E weidere wichtegen Aspekt betrëfft d'Kommunikatioun vun den Archiven. Den Delai, ab wéini een där d'Archive konsultéieren, hängt vun der Zort vum Dokument of. Prinzipiell ka jiddwereen Accès zu den Dokumenter an den Archive kréien, an dat am Fond vum éischten Dag un, wou déi betraffen Dokumenter verséiert gi sinn. Allerdéngs ass et bei sensibelen Informatiounen noutwendeg, eng länger Frist ze respektéieren.

Esou sinn zum Beispill déi Archiven, déi mat der nationaler Sécherheet ze dinn hunn, fir 50 Joer gespaart. Op den Dokumenter, déi ënnert d'Steiergeheimnis falen, ass den Delai vun 100 Joer festgeschriwwen. Am Ufank war do iwwerhaapt keen Delai virgesinn. Op Interventioun vun der Chamberskommissioun an no Récksprouch mat der Regierung ass dunn en Delai vun 100 Joer festgehale ginn, deem et erméiglecht, datt elo keen Dokument, dat mat Steieren ze dinn huet an als relevant ageschat gouf, dierf zerstäert ginn.

Och déi Archiven, déi perséinlech Donnéeën enthalen, sinn aus Datschutzgrënn gespaart.



D’Dauer variéiert jee no der Situatioun. Wann der beträffener Persoun hiren Doud bekannt ass, sinn et 25 Joer, déi ee muss waarden. Wann awer net gewosst ass, ob d’Persoun nach leeft respektiv weini si gestuerwen ass, da sinn et 75 Joer, nodeems dat lescht Dokument iwwert dës Persoun verséiert gouf. Mat enger Erlaabis vum der beträffener Persoun entfällt dësen Delai natierlech, grad wéi wann de Partner oder d’Kanner vun enger verstuerwener Persoun hiren Accord ginn.

E lescht Element, dat ech bei dësem Projet erhiewe wëll, betrëfft déi privat Archiven. Quitte, dass d’Gesetz dës net onbedéngt direkt viséiert, well et sech jo prinzipiell op déi ëffentlech Archive bezitt, ginn et awer eng Rei Dispositionen zu de privaten Archiven. Dës kënnen nämlech an de Besëtz vum Stat iwwergoen, andeems dass de Stat se keeft, se geschenkt oder se verierft kritt huet.

E besonneschen Aspekt ass dee vum Virkafsrecht, deen de Stat am Fall vum ëffentleche Verkaf vu privaten Archiven huet. Wann also Archiven zum Verkaf stinn, muss dëst, 15 Deeg ier d’Vente publique gemaach gëtt, den Direktere vun de staatleche Kulturinstituter signaliséiert ginn. Wa se den historeschen Interêt vun den Archiven an d’Noutwendegkeet, se ze erhalen, unerkennen, hunn déi jeeeweileg Direktere bis zu zwou Wochen no der Vente Zäit, fir Gebrauch vun hirem Droit de préemption, also dem Virkafsrecht ze maachen.

D’Direktore vun de staatleche Kulturinstituter kënnen och Privatarchive, déi net fir ze verkafe sinn an déi awer e groussen historeschen, kulturellen oder wëssenschaftlechen Interêt duerstellen, dem Minister virschloen, fir se ze klasséieren. Duerch de Klasement ginn dës Archiven ënner Schutz gestallt. Se dierfen dann net méi zerstéiert oder och net ouni Geneemung an d’Ausland exportéiert ginn.

De Klasement bedeit awer net, dass de Stat déi Archive kritt. Dës bleiwen an der Hand vum Besëtzer. De Besëtzer kritt donieft och Ënnerstëtzung vum jeeeweilege Kulturinstitut, fir ze kucken, dass d’Archiven adequat konservéiert kënnen ginn.

Här President, dat ass de Gesetzesprojet iwwert den Archimage a senge grouss Linnen. Fir den Detail verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Nach zum Statsrot sengen Avisen. A sengem éischten Avis hat déi héich Kierperschaft eng 13 Oppositionen formelles artikuliert. Besonnesch d’Définition vu grondleeëndem Notiounen, op deenen den Text opgebaut ass, sollt méi kloer formuliert ginn. Aner Dispositionen waren aus juristescher Siicht net korrekt, zum Beispill, dass den Nationalarchiven hir Recommendationen op ee Pied d’égalité mat de Virschrëften am Gesetz gestallt sollte ginn.

No enger éischter Serie vun Amendementer huet de Statsrot a sengem éischten Avis complémenteaire begréisst, dass den Text insgesamt u Kohärenz an u Kloecheit gewonnen huet. Verschidden Oppositionen formelles konnten dowéinst opgehewe ginn, während anerer bliwwen respektiv neier derbäikomm sinn. Ech zitieren hei nëmmen den Droit de préemption, d’Virkafsrecht also, deen de Statsrot gären zäitlech begrenzt gehat hätt.

A sengem zweeten Avis complémenteaire konnt déi héich Kierperschaft dunno d’Majoritéit vun der zweeter Serie un Amendementer guttheeschen. Et blouf virun allem nach een Artikel, en l’occurrence den Artikel 12, deen an enger drëtter Serie vun Amendementer ëmformuléiert huet misse ginn, soudass de Statsrot a sengem drëtten Avis complémenteaire schlussendlech gréng Luucht fir de Gesetzesprojet konnt ginn.

Zum Schluss wëll ech nach opmierksam maachen op eng Rei Aweise vun ënnerschiddlechen interesséierten Akteuren an dësem Kontext, déi ech a mengem schrëftleche Rapport opgegraff hunn.

Här President, ech kommen elo wierklech zum Schluss. Ech wëll awer nach präzisieren, dass am Texte coordonné, am schrëftleche Rapport Wieder stinn, déi duerchgestrach waren, awer duerch e mechanesche Feeler am Text ze gesi waren. Am Text soumis au vote ass dat awer elo redresséiert ginn. A sengem Bréif vum 5. Juli un de President vum Statsrot huet den Här Chamberpräsident déi puer Feeler, déi nach nom Vott vum Rapport an der Kommissioun bloufen, matgedeelt.

Ech wëll dann op dëser Plaz awer och nach der Madamm Josée Kirps an der Madamm Nadine Zeien aus den Nationalarchive souwéi dem Här Romain Schroeder e ganz grouss Merci aus-

schwätze fir déi kompetent a frëndlech Ënnerstëtzung bei den Aarbechten zu dësem Rapport. Gradesou wëll ech mech bei de Beamte vum Kulturministère fir hir Hëllef bedanken a bei menge Kolleegen aus der Kulturkommissioun fir déi konstruktiv Begleedung.

(Interruptions)

Här President, léif Kolleegen, ech soen Iech Merci fir d’Nolauschteren a ginn domadder den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.* - Hmm, hmm!

(Hilarité)

Sou! No deene ville Mercie géife mer dann zum Serge Wilmes kommen, deen, mengen ech, a Gedanken och jiddwerengem Merci seet.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Selbstverständlech! Merci, Här President.

(Hilarité)

Ech schlësse mech effektiv deene Mercien och un. A fir d’Éischt Merci dem Rapporteur awer, wéi sech dat gehéiert, fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen en, wéi gewinnt, hei ganz kloer a präzis gemaach huet, wat mer natierlech dann och erspuert, fir am Detail nach eng Kéier mussen op déi eenzel Detailer vum Gesetzesprojet anzegoen.

Déi eenzel Bestëmmungen, déi grouss Linnen huet en elo hei gesot. Mir, dat soen ech Iech direkt, wäerten dee Gesetzesprojet hei stëmmen, och wa mer eis an der Kommissioun zwar nach beim Rapport enthalen hunn. Mä ech hat dat deemools och erkläert, d’lescht Woch.

Et war, well mer awer nach eng Kéier wollten an eiser Fraktioun diskutieren, besonnesch eben iwwert déi Fro, wat den Här Bauler jo och hei schonn als Rapporteur bemierkt huet, vum Secret fiscal. Net fir a Fro ze stellen, dass solle Steierdokumente kënnen archivéiert ginn an dass déi eng Kéier kënnen opgeschafft ginn, fir dass eng Kéier kann d’Geschicht geschrivwe gi vun enger Finanzplaz oder soss och Recherchen doriwwer kënnen gemaach ginn, mä einfach nëmmen, well mer och nach juristeschen Bedenken haten, well jo an den Abgabenordnungen, der Loi générale des impôts, de Paragraf 22 awer kloer seet, dass eben d’Steiergeheimnis onverletzlich ass, an an deene Paragrafen drënner, dass d’Steierbeamten net befuugt sinn, fir Continue vu Steiersaachen u sech widerzeginn, an ob een dann net hätt misse an deem heite Gesetzesprojet déi Befugnis draschreiwen, dass se dat därfe maachen.

Dat ass u sech déi Reserv, déi mer mat deem heite Punkt awer hunn. Mä ech stellen net a Fro, dass och Dokumente, déi an der Steiervverwaltung sinn, fir historesch Zwecker och solle kënnen opgeschafft ginn. Loin de là, soss géife mer dat Gesetz hei net ënnerstëtzen!

Also, mer mussen nach eng Kéier kucken, ob dat wierklech net hei kontradiktoresch dann ass. Net, dass mer herno d’Situatioun kréien, mer hunn dat neit Gesetz elo gestëmmt, mä da kommen éischter herno Kloe vläicht do dergéint an da riskéiere mer, dat hei mussen erëm unzepassen.

Dofir nach eng Kéier d’Fro: Ass dat wierklech kloer nach eng Kéier esou gekuckt ginn, dass mer do net déi Kontradiktionen hunn? Hätte mer net misse déi Befugnis vläicht hei dodra bréngen?

Mä, wéi gesot, am wichtigsten ass, mir ënnerstëtzen dat Gesetz hei, well fir eis et kloer ass, dass mer hei e grouss Schratt no vir ginn. Do si jo scho Virarbechten ënnert der viregter Regierung gemaach ginn. An et ass, wéi de Rapporteur jo gesot huet, wat wichtig ass, wat déi grouss Annerung ass an deem heite Gesetzesprojet ass, dass elo mussen allegueren déi staatlech Instanzen hir Archiven, déi si hunn, enges Daags dann, wann d’Utilité administrative ofgelaf ass, an d’Nationalarchiven iwwerginn, wou se da kënnen an deem Moment richteg opgeschafft ginn, adequat och kënnen erhalte ginn, soudatt dann duerno, deen, deen dorunner interesséiert ass, deen da wëllt gare Recherchen driwwer maachen, dat och da ka maachen.

Ech wëll mech also net méi an d’Detailer do verléieren, mä vläicht einfach eng Kéier eng allgemeng Iwwerleeung féieren iwwert d’Archiven, wat dat iwwerhaupt bedeit. Well, mir helen dat elo als einfach esou geleefegen Term un, mä: Wou kënnt dat iwwerhaupt hier? Firwat ass iergendwann eng Kéier empfonnt ginn, dass een huet misse Dokumente lagere an halen, an net einfach esou zerstéieren?

An do, wann ee sech domadder auserreesetzt, mengen ech, da gesäit een, dass u sech d’No-

toun vum Archiv zwou Notiounen beinhalt: eng éischt Notioun, déi déi ass, déi op d’Originn vum Wuert, d’Étymologie vum Wuert Archiv zrëckgeet, wat souwuel aus dem Laténgeschen Archivum kënnt, mä dat geet awer erëm zrëck op dat aalt griichescht „arkhéion“, an dat huet bedeit an der Zäit, dass et u sech déi Saache sinn, déi vun den Tribunaler produzéiert gi sinn, dass et Titres waren, dass et administrativ Dokumenter waren. Wat net verwonnerlech ass, well et nämlech vun deene gemaach ginn ass, déi d’Archonte waren, dat war am ale Griichenland, besonnesch an der Polis, an der Stad, waren dat u sech déi héchste Magistraten. Dat waren u sech déi, déi de Pouvoir hatten, well se souwuel administrativen, politeschen a judiciairë Pouvoir haten. An et heescht, dat, wat déi ebe geschrivwen hunn, wat déi verfaasst hunn, ass gehale ginn. An dovu kënnt d’Originn dovunner.

1751, also vill méi spéit, gëtt dann an der Encyclopédie vum Diderot a vum d’Alembert d’Wuert Archiv définéiert als „d’anciens titres ou chartes qui contiennent les droits, prétentions, privilèges et prérogatives d’une maison, d’une ville, d’un royaume“.

Et gesäit een also, dass et en administratiivt ofiziellt Dokument ass iwwert d’Rechter, de Pouvoir, d’Obligationen, awer och d’Propriétéite vun enger Persoun, an de meeschte Fall war dat de Souverain, oder awer och vun enger Stad. Denke mer un d’Fräiheitsbréiwer, déi eng Stad am Mëttelalter jo u sech krute vun dem jeeeweilegen Herrscher, dass se da verschidde Rechter doduerjer haten, oder herno spéider natierlech och vun engem Land a ganz spéider natierlech och vu weidere regionalen Administratiounen, Instanze wéi Regiounen, Departementer oder bei eis jo och d’Gemenen, oder awer och natierlech vu Persounen, Eenzelpersounen.

Dat heescht, dass sinn u sech Dokumente, déi produzéiert gi sinn, déi mat eppes beweisen, dass eng Preuve do ass, fir ze soen: Majo, dat heite Recht hunn ech. Ech sinn eben de Souverain vun dësem Land a mir stinn déi Rechter domadder zou oder mir stinn als Stad déi hei Rechter zou oder als eenzelne Bierger hunn ech déi heite Propriétéit, et ass mäin Haus, et ass mäin Terrain.

Ech mengen, dass ass et jo, firwat dat gehale ginn ass, well soss hätt ee kënnen contestéiert ginn. Et ass jo net verwonnerlech, dass, wann zum Beispill Regimmer, Länner Kricher géintenee féieren an ee gewënnt iwwert deen aneren, et dacks esou ass, dass probéiert gëtt, dem Verléierer seng Tracen, déi deen hannerlooss huet, ze zerstéieren oder ze verstoppen, fir dass deen net kann herno nach eng Kéier en Usproch stellen: Majo, mä dat war awer mäin Terrain, dat waren awer meng Propriétéiten hei.

Dat heescht, dass do jo Preuvë ware vun der Existenz virdrun, dass do versicht gëtt, ëmmer alles auszeläschten. Ech mengen, et gi jo och do an der Filmgeschicht Beispiller, oder besser an der Literatur, ee Buch, wat och verfilmt ginn ass, vum George Orwell, 1984, wou ee jo ganz genau gesäit, wéi dat an d’Absurd gedriwwen gëtt, wou ëmmer erëm een ass, deen dann herrscht, an da gëtt dat alles ëmgeschriwwen, d’Geschicht, esou wéi deen dat gesäit. An da gëtt et herno erëm en aneren an da gëtt alles zerstéiert.

Ech mengen, dass also wichtig, dass een déi Saachen ebe gehalten huet a se geschützt huet, fir kënnen déi Uspréch och dann ze stellen. Dat ass u sech d’Originn dovunner. An dat spigelt sech och ëmmer erëm an der Geschicht vun europäeschen Archiven erëm, wéi gesot, vun der Antiquitéit bis an d’Mëttelalter eran, sinn dat dann hauptsächlech ëmmer Dokumente, déi fir de Pouvoir stinn, déi eben offiziell eppes kënnen beweisen.

An dofir gi se dann och meeschtens do op deene Plaze gehalten, wou de Pouvoir säi Sëtz huet, dass heescht, dat war dann dacks de Palais oder d’Buerg vun deemjéinege Souverain oder Seigneur, deen déi Dokumente produzéiert huet, deem dat gehéiert huet. An et ass eréischt am 16. Jorhonnert, wéi lues a lues u sech déi grouss europäesch Länner, Monarchien, och ugefaangen hunn, hire Pouvoir méi auszubreeden an och Verwaltungen opzebauen, déi ëmmer méi u modern Verwaltungen erukommen, an op déi ons modern Verwaltung sech jo och gréisstendeels mat stäipen, dass dat eréischt ugefaangen huet, dass och du gesot ginn ass: Mir mussen déi Dokumenter zentraliséieren.

Do sinn éischt zentral Archiven eben geschafft ginn. Bekannte Beispiller dovunner sinn zum Beispill d’Zentralarchive vum spuenesche Räich ënnert dem Charles Quint, dee 1545 seng Charten a seng administrativ Fongen allegueren zu Simancas zentraliséiert huet, respektiv och nach dem Vatikan seng Archiven, deen ugefaangen huet, och am 16. Jorhonnert, alles

zu Roum am Castello Sant’Angelo zesummenzedroen. Méi rezent dann am 18. Jorhonnert, de Rapporteur huet och schonn drop verwiese mat de Vollekszielungen, ass een och beim Maria Theresia, wou dann d’Statsarchiven zu Wien geschafft gi waren.

An da komme mer a Frankräich, wou jo och de Rapporteur richteg op déi Archiver verwisen huet, déi do geschafft gi sinn, och duerch d’Franséisch Revolutioun, éischstens, d’Nationalarchiven a Frankräich, an zweetens, déi awer och dann dozou gefouert hunn, dass och an den Departementer hu misse Archiven entstoen.

An dovunner huet och an deem Moment - entre Guillemeten - Lëtzebuerg profitéiert. Dat war jo dunno zwar net méi den Duché Lëtzebuerg, mä et war d’Département des Forêts, wou jo och dunno en Archiv huet misse geschafft ginn an dem Chef-lieu vun deem Département, wat d’Stad Lëtzebuerg jo war, a wou dann allegueren déi Dokumente zesummedroen gi sinn, déi ebe virdrun awer schonn existéiert hunn. Well et muss ee soen, virdrun ass et jo schonn e Conseil provincial gi vum Souverain. Et si Stände ginn. Et sinn Abteie jo ginn, déi Saachen haten. An dat ass do alles zesummedroen ginn. An dee Chef-lieu, de Sëtz dovunner war hei niewendrun am Palais.

Dat heescht, dass war also och do schonn een éischt, souzosen zentraalt Archiv. Dat kann een och alles schéi propper noliesen um Internetsite vun den Nationalarchiven. Ech hu mer dat elo net selwer alles aus de Fanger gezunn, mä dass ganz gutt do opgeschafft. Natierlech hunn ech et selwer nogekuckt, absolutt.

(Hilarité)

Mä Dir kënnt awer selwer alles do noliese goen. An dofir ass et heiansdo wichtig...

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Dat steet alles am Gesetz.

(Brouhaha)

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Neen, dass steet net am Gesetz. Wann Der et gelies hätt, géift Der wëssen, dass dat net am Gesetz steet, Här Kox. Dat steet um Internetsite vun den Nationalarchiven, déi ganz interessant sinn, éischstens, fir d’Nationalarchiven ze kucken, mä zweetens och, fir eng Kéier dohinnerzegoen, fir sech och eng Kéier e Bild ze maachen, wéi déi Nationalarchive sinn.

Déi si jo an der fréierer preisescher Kasär. Bon, mir wësse jo all, dass et net déi optimaalsten Émstänn sinn. Dofir gëtt jo och da versicht vu successive Regierungen, fir kënnen en neit Nationalarchiv ze maachen. An dat Nationalarchiv, ech mengen, dass ass déi nächsten Etapp, muss natierlech och en adequat Gebai eng Kéier duerno kënnen kréien. Mä op jidde Fall ass et interessant, den Historique vun onsem Nationalarchiv eng Kéier nozeverfollegen, wat een entre autres op deem dote Site kann novollzéien. An esou gëtt een da ganz interessant Saache gewuer, wéi zum Beispill, dass de franséische Regimm dann deemools déi doten Aktiounen gemaach huet, fir dat Archiv an deem Département hei ze grënnen.

An dat waren awer nach deemools alles ëmmer nëmmen administrativ Dokumente. Datt déi Dokumente, déi sollen zesummedroen ginn, och eng historesch Valeur hunn, an dat ass eben déi zweet Notioun vun Archiven, op déi ech och wollt ze schwätze kommen, ass méi spéit entstanen. Eréischt am 19. Jorhonnert ass op eemol eng gewëssen Erkenntnis dofir komm, dass net nëmme sollen administrativ Dokumente zesummedroen ginn, mä och Dokumente, déi en nationalen Interêt hu fir d’Geschicht, fir d’Vergaangenheet vun där Regioun, vun där Stad, vun deem Land.

An dat sinn natierlech och administrativ Dokumenter. Dat eent schlëist dat anert net aus, och wann dacks zwar déi Separatioun gemaach ginn ass an der Gesetzgebung. Mä et ass eréischt do am 19. Jorhonnert, wou lues a lues déi modern Geschichtsschreiwung jo och usetzt a wou du mat dem Entstoe vun den Nationalstate selbstverständlech do och versicht ginn ass, sech eng national Geschichtsschreiwung ze ginn.

An da muss een natierlech och op Sourcë kënnen zrëckgräifen. Ech mengen, dass ass jo den „core business“ vun engem Historiker. De Kolleeg David Wagner gëtt mer do sécherlech jo recht, engem Historiker seng Aufgab ass et, fir jo primär Sourcen ze consultéieren an net seconaire Sourcen. An déi leien awer an den Archiven, wou een da muss eng kritesch Analys dovunner maachen. Dofir sinn déi da fir d’Geschichtsschreiwung einfach essenziell. Den Här Bauler huet dat jo och schonn a sengem Exposé hei gesot. An dat ass am 19. Jorhonnert entstanen, dass eben d’Nationalarchiven och Dokumente solle konservéieren, déi en nationalen Interêt hu fir d’Geschichtsschreiwung.

1829 da gëtt ënnert dem hollännesche Regimm den Accès zu de Provënzarchiven, si



hunn entre-temps en aneren Titel gehat, ëffentlech, well bis dohinner ware se just reservéiert fir d'Administration. Elo gi se awer ëffentlech gemaach, an zwar stoung do: «À toute personne connue et méritant confiance, qui voudra faire des recherches dans l'intérêt général de l'histoire.» Do hu mer also déi Notiou, fir am Intérêt général vun der Geschicht kënnen déi Archiven ze consultéieren an och Dokumenter do zesummenzedroen.

Vill méi spéit am 20. Jorhonnert, 1958, kréien dann d'Archiven hir éischt gesetzlech Basis an heeschen elo Statsarchiven, Archives de l'État. An och hei gëtt am Artikel 8 vun deem Gesetz definéiert, datt de Stat seng historesch Archiven an administrativ Archiven huet. Do huet een also nach déi Trennung zwar vun deenen zwou Notiounen, quitte datt dat eent dat anert u sech net ausschléisst.

An dann 1988 ginn aus de Statsarchiven dann déi Nationalarchiven an da kréie se och de Statut vun engem Kulturinstitut. 2001 gëtt et dann e Règlement grand-ducal, deen dann d'Konsultatioun vun den Archivfongen an Nationalarchive regelt, 2004 dann e Gesetz iwwert d'Reorganisatioun vun de Kulturinstitute, also och vun den Nationalarchiven, wou dran definéiert gëtt, wat d'Missioun ass vun Nationalarchiven.

An do steet och kloer dran als éischt Missioun: «Les Archives nationales ont pour mission de réunir tous les documents d'intérêt historique national leur soumis. Elles classent, inventorient et conservent les archives publiques en vue de leur utilisation à des fins historiques et administratives.»

Do gesäit een an där doten Definitioun, datt awer déi historesch Bedeitung, d'Valeur vun Dokumenter u sech e bësse méi, ech wëll net soen dominéiert, mä trotzdem méi ervirgehuewe gëtt wéi déi administrativ Bedeitung.

An dann an deem Gesetzesprojet, dee mer elo amgaange sinn ze diskutéieren, ze debattéieren an dann herno och ze stëmmen, do ass u sech an deem éischten Artikel festgehalten, datt elo den Archivage soll regléiert ginn am ëffentlechen Interêt, an dat, fir datt d'Rechter vu physischen a moralesche Persounen kënne géréiert a gerechtfertegt ginn an awer och fir datt den Accès zu Dokumenter garantéiert gëtt, déi fir onst Land net eleng en historeschen, mä och wëssenschaftlechen - quitte datt ech mengen, datt historesch, d'Geschicht och eng Wëssenschaft ass, et ass also net kontradiktoresch, mä datt awer aner Wëssenschafte sech fir Dokumenter, déi an den Archive leien, selbstverständlech interesséieren -, kulturellen, wirtschaftlechen a gesellschaftlechen Interêt hunn.

Voilà, elo kann ee sech dann d'Fro stellen, firwat ech esou e laangen Exkurs iwwert d'Bedeitung vun den Archive gehalten hunn. Mä ech mengen, et ass awer essenziell, well mer trotzdem musse wëssen, wou dat jo hierkënn. Hei gëtt jo gesot: Mir maachen dat heiten, fir datt mer wëssen, wou mer sollen higoen. Mä mir musse fir d'Éischt wëssen, wou mer hierkommen, well ganz genau ass et ëmmer och, wa mer ons mat deenen heite Saachen auserneesetzen. Et ass interessant ze wëssen: Firwat schwätze mir haut iwwert d'Archiven? Wou kommen d'Archiven hier? Wéi ass de Besoin gewiescht, fir eng Kéier Archiven ze maachen?

Ech mengen, datt den Här Bauler jo och schonn d'Bedeitung erkläert huet, déi dat fir e Land, awer net nëmmen, wéi gesot, mä och fir all aner Kollektivitéit huet, och fir déi eenzel Persoun. Et ginn och vill Kolleegen an onse Reien, déi jo och ganz passionéiert selwer Anefuerschung maachen. Och et ass nëmme méiglech, gewuer ze ginn, wou seng Famill hierkënn - an do sinn der dobäi, déi dat bis, mengen ech, ganz wäit zrëck konnte verfolgegen -, wa selbstverständlech d'Archiven déi Dokumenter och hunn.

Elo kann een awer soen, bis elo sinn et keng contraignant Mesurë ginn, fir datt ëffentlech Instanze mussen hir Dokumenter eng Kéier den Nationalarchive ginn. Dat heescht awer net, datt et virdru keng Archivkultur trotzdem ginn ass. Et si jo awer ëmmer schonn Instanze ginn, déi hir Saachen trotzdeem gehalten hunn. Mä elo gëtt natierlech domadder assuréiert, datt och wirklech keng Lacunne méi kënnen entstoën, dat heescht, datt och wirklech alles, wat vun ëffentlecher Hand produzéiert gëtt, muss erhale ginn a muss konservéiert ginn.

Bis elo hu mer awer net de Fall gehat, datt näischt an den Archive géif leien. Déi sinn net eidel. Ech mengen, datt mer entre-temps, ech weess net, tëschent 40 a 50 Kilometer Dokumenter an den Archive leien hunn, déi sech hannerneenen do reien, an et ginn der elo nach wäitass méi mat deem heite Gesetz. Dat versteet sech, dofir nach eng Kéier, ech mengen, et gëtt trotzdem ëmmer méi wichteg, datt mer och dann den Nationalarchiven dat Gebai ginn, wat se brauchen, fir datt se kënnen dann

och ënnert deenen optimaalste Konditiounen alleguerten déi Dokumenter do lagere.

Mä mir sinn hei mat engem Gesetz konfrontéiert, dat ons mat ons selwer ebe konfrontéiert, well et geet hei ëm näischt aneres wéi ëm d'mënschlech Existenz, well dat heite si jo d'Spuren, déi mer hannerloossen, déi an deenen Archiven herno wäerte verwalt a konservéiert ginn.

Dacks ass jo d'Geschicht e Fach, wat net ëmmer vläicht dee Stellewäert huet, wéi vläicht mir, déi Geschicht studéiert hunn, ons et géife wënschen, wat och e bëssen domat zesummenhänkt, wéi et vläicht heiansdo an der Vergaangenheet enseignéiert ginn ass. Dobäi mengen ech, ass et awer grad eent vun deene wichtigste Fächer, datt, wann een déi Bildung awer huet och an der Geschicht, et engem awer ganz viles mat op de Wee gëtt. Och wann dat esou pauschal a banal Aussoe sinn: Da wësse mer besser, wie mer sinn. Mä effektiv ass et esou. An et ass nach ganz viles, wat unbekannt ass, wat muss belicht ginn.

Mä d'Vergaangenheet ass näischt, wat dout ass. Et ass keng doudeg Matière, et ass u sech eng extrem lieweg Matière, well mer jo grad déi Spuren nach ëmmer do leien hunn. Et muss ee se just fannen. Dat heescht, se mussen also disponibel sinn. An da muss een natierlech nach wëssen, och mat hinne kënnen ze kommunizéieren, well et ass jo net all Dokument, wat een direkt ka vläicht gutt liesen. Wat ee méi zrëckgeet, wat et méi schweier gëtt. Dofir ginn et jo Experten, déi al Schrëfte kënnen identifizéieren. Mä d'Geschicht schwätzt awer zu ons, si ass lieweg. An dat Liewen, dat musse mer ons einfach och kënnen erhalen.

An dat, mengen ech, si mer och schëlleg, net nëmmen den nächste Generatiounen, wéi dacks gesot gëtt, mä einfach emol un éischer Stell ons selwer, well et geet jo och ëm ons Existenz vun haut, och mir hannerloossen ons Spuren. Dat, wat mer hei soen oder ech amgaange sinn ze soen, wat Dir gesot hutt, dat gëtt jo och eng Kéier archivéiert. An ech mengen, ech weess net, ob eng Kéier ee wäert interesséiert sinn, dat nozeliesen. Mä wann dat awer eng Kéier sollt de Fall sinn, wollt ech awer soen, da wäert en awer och mieren, datt - och wann dat an deem Moment deenen hir Aufgab ass, net ons - et och e Mythos ass, datt ëmmer gesot ginn ass, d'CSV hält an dëser Legislaturperiod géint all Gesetz gestëmmt.

Hei ass de beschte Beweis, datt mer derfirgestëmmt hunn. An dat ass dann un hinnen, dat ze beweisen. Dofir, mir stëmmen dat aus lwwerzeegung, aus all deene Grënn, déi ech lech elo gesot hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. No deem historeschen Exkurs gëtt et elo e bësse méi prosaesch. Elo kënn de Jurist un d'Riednerpult.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Macht eis keng Angscht!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Ech wëll awer ufänke mat e bëssen enger Anekdote. 1998 koum de Film „Stol“ vum Claude Lahr eraus. Dat ass en Documentaire iwwert déi industriell a sozial Geschicht vun der Stolproduktioun bei ons am Land. An déi vun lech, déi dee Film gesinn hunn, déi kënne sech un déi beandroekend Biller aus de Schmelzen erënneren, déi an den 20er Joren am Optrag vun der Columeta gedréit goufen a wou een d'Stolaarbechter bei der Aarbecht gesäit, wat zimlech exceptionell ass fir Lëtzebuerg, mä awer och mengen ech, an der ganzer Welt als Zäitdokument.

Dëst ganz seelent Filmmaterial, wat elo zu de Schätz vum CNA gehéiert, war awer op een Hoer um Tipp gelang. Et ass nëmmen engem Zoufall ze verdanken, dass deen Aarbechter vun der ARBED, deen Employé, deen an der Neier Avenue de Keller sollt raumen, fir Plaz ze maache fir nei Büroen, déi Filmer do net op den Tipp gehäit huet, mä dass e sech erënnert huet un dee Kolleeg, deen zu Déifferdeng op der Léierbud geschafft huet an deen eng Sensibilität fir Film hat. An et ass och e weideren Zoufall, dass dee Kolleeg dann deen ale Broll do siche komm ass an engem Schaf zu Déifferdeng opbewahrt huet. An engem weideren Zoufall ass et ze verdanken, dass de Claude Lahr, den Zeenarist vun deem Film, des Filmer zoufällg an engem blechene Schaf stoe gesinn huet a se un den CNA weiderginn huet, deen dann déi Filmer restauréiert huet a se verwäertbar gemaach huet.

Eng aner esou Anekdote ass déi vun den Aarbechte vun der Commission d'étude sur les spoliations des biens juifs (veuillez lire: Commission spéciale pour l'étude des spoliations des biens juifs au Luxembourg pendant les an-

nées de guerre 1940-1945), déi 2001 ugefaangen hunn. Do ass festgestallt ginn, dass d'Archiven iwwert d'Krichsschied an esou engem schlechten Zoustand waren, well se louchen an engem iwwerschwemmte Keller am Kolléisch, dass et dann dräi Joer gedauert huet, bis se gebotzt waren a bis se iwwerhaupt erëm lieserlech waren.

Här President, där Anekdoten do, där gëtt et der eng munnech. An ech si sécher, dass jiddwereen heibannen der e puer kennt. A si weisen alleguer, jo, wéi schlampeg mer am Fong hei zu Land bis elo mat onsen Archiven ëmgaange sinn. An dat dierf am Fong net méi sinn.

A wann de Serge Wilmes elo d'Fro stellt, wou mer hierkommen, an ouni elo esou wäit zrëckzegoe wéi hien, dann ass et sécher richtig, dass Saache gesammelt gi sinn an erhale gi sinn. Mä et ass awer och sécher esou, dass ganz vill zerstéiert ginn ass a ganz vill wäertvoll Saachen zerstéiert gi sinn, déi elo einfach net méi do sinn, déi d'Geschichtsschreiwung net méi huet, déi d'Fuerscher net méi hunn, déi net méi do sinn, fir eng objektiv Recherche ze maachen iwwer ons Geschicht.

Här President, 1988, virun 30 Joer ongeféier, huet de Robert Krieps d'Nationalarchiv zu enger Kulturinstitution gemaacht, also em eigentlech e legale Kader gi mat engem Budget an engem neie Gebai, mä ouni nei Regele fir den Archivage virzegesinn.

Mir hunn ons als LSAP ëmmer dofir agesat, dass d'Archivéierung e juristesche Kader sollt kréien, mä och, dass d'Nationalarchiv méi Moyenen an e Gebai sollt kréien. Dofir begréisse mir als LSAP ausdrëcklech dëst Gesetz, dat mer haut stëmmen.

Här President, et ass scho munches gesot ginn an ech wëll dem Rapporteur, dem André Bauler, Merci soe fir säi gudde Rapport. Mä ech géif awer ger op e puer Punkte vun deem neie Gesetz agoen.

Deen éischte Punkt ass, wann een d'Wichtigkeet gesäit, déi d'Nationalarchiv elo kritt an deem neien Dispositif, wat d'Kollekt, den Inventaire vun ëffentlechen Archiven ugeet, mä awer och d'Hëllef bei den Derogatiounen, zum Beispill de Gemengen géintwuer, da muss ee soen, dass dëst Gesetz just e Succès ka ginn, wa verschidde Bedéngungen erfüllt ginn. Déi éischt Bedéngung ass, dass dat néidegt spezialiséiert Personal agestellt gëtt.

Am Projet de loi ass dozou u sech näischt ze fannen, just dass déi verschidden Arichtungen, déi Archiven hunn, eben iwwer qualifizéiert Personal musse verfügen, woubäi och op d'Sous-traitance kann zrëckgegraff ginn.

2015 gouf de Service de collecte, conseil et encadrement an d'Liewe geruff. An 2017 goufen d'Formationen an der Archivistiek lancéiert, wou een am Rapport annuel vum Kulturministère ka liesen, dass 41 Persoun forméiert goufen, dovun sinn der 34 beim Stat a siwe bei de Gemengen.

Nieft dem Personal ass och d'Gebai ganz wichteg. Et ass wichteg, dass d'Nationalarchiv en neit Gebai kritt mat Stockagecapacitéiten, déi dem massive Versement vun neien Dokumenter ënner pabeier- an elektronischer Form Rechnung droen. Mir wënschen ons, dass d'Aarbechten un deem Gebai schnell ufänken. Et ass jo e Projet, dee bekannterweis op d'Joer 2000 zrëckgeet an ëmmer erëm och budgetäre Krisen zum Affer gefall ass.

2004 gouf d'Philharmonie gebaut an et waren net méi genuch Suen do, fir och nach dat neit Nationalarchivgebai ze bauen. Dunn 2009, no der grousser Finanzkris, waren och keng Sue méi do. An elo a senger Reunión vum 27. Mee 2016 huet de Ministerot d'Konstruktioun fir dat neit Gebai op d'Lëscht vun de groussen Infrastrukturprojete setze gelooss. Entstoe soll dat Gebai, wéi Der all wësst, um südwestlechen Deel vun der Héichuewenterrass um Belval, do wou am Kader vum Architekturconcours vun 2003 eng éischte Kéier en Nationalarchiv virgesi war.

Momentan ass de Projet au stade d'études, wéi de Kultur- an den Infrastrukturminister der CSV-Deputéierten Octavie Modert geäntwert hunn am Kader vun enger parlamentarescher Ufro. Den Dossier fir den Avant-projet sommaire sollt bis Enn Mee 2018 fäerdeg sinn. An den Avant-projet définitif soll fir Enn Oktober 2018 da virgesi sinn. De Projet de loi da soll bis Enn des Joers deposéiert ginn an dann hoffentlech schnell réaliséiert ginn. Dat ass onse Wunsch, dass och dat mat deem Gebai elo virugeet, dass d'Nationalarchiv eben och déi néideg Infrastruktur huet an deen néidege Stockageraum, fir eben a gudde Konditiounen hei kënnen ze schaffen.

Här President, d'Gesetz huet een zimlech komplexe System op d'Been gestallt, fir alle verschiddenen Desiderata vun Institutionen a

verschiddenen ëffentlechen Haiser nozokommen. Et gëtt och nach wichteg Archive bei ëffentlechen Instituter wéi dem Centre national de littérature oder dem CNA. An dofir ass et onser Meenung no wichteg, dass en zentrale Fichier vun allen disponibelen Archiven opgestallt gëtt, fir et alle Fuerscher, Lëtzebuurger mä och auslännesche Fuerscher, ze erméiglechen, hir Recherchen ze maachen, wéi d'BrL et gemaach huet mam BIB-Netz, fir all Bibliothéiken ze vernetzen, an och mat präzisen Indikatiounen, wat den Accès ugeet.

Här President, e weidere Punkt ass deen, dass dat Gesetz hei natierlech net all Situatiounen kann ofdecken. Et muss also gekuckt ginn, wat mat verschiddene besteeënde Situatiounen gemaach gëtt.

D'Chamber huet zum Beispill eng Derogatioun, fir hiert eegent Archiv ze halen an och ze verwalten, wat se och capabel ass ze maachen, mä et sollt een awer nodenken driwwer, ob een all déi Archive vun der Chamber net sollt zesummebréngen zu engem gewëssenen Zäitpunkt op enger Plaz. Fir den Ament läit een Deel hei bei der Chamber an een Deel läit beim Nationalarchiv. An datselwecht géllt iwwregens fir de Statsrot.

D'Gesetz gesäit och vir, dass Archive kënne klasséiert gi wëinst hirer Wichtigkeet fir d'Geschicht vum Land. D'Archive vun der ARBED sollten zum Beispill eiser Meenung no klasséiert ginn, fir all weider Destruktioun oder Disparitioun ze vermeiden, zum Beispill, wéi virdru gesot, wa geplënnert gëtt. Och hei muss een dem Nationalarchiv d'Moyene ginn, fir sengem Devoir d'inspection nozokommen.

Här President, mir wäerten dëst Gesetz natierlech matstëmmen. A mir fannen, dass dat hei eng gutt Saach ass, dass de Kulturministère hei eng gutt Aarbecht geleescht huet, mä mir hunn awer e puer Kritikpunkten trotzdem zu deem Gesetz.

Den éischte klenge Wermutstropfen ass deen, dass d'Gemengen natierlech duerch d'Gemeengesetz vum 13. Dezember 1988 gehale sinn, hir ëffentlech Archive selwer ze erhalen. Dat neit Archivgesetz gesäit allerdéngs d'Méiglechkeet vun engem Kooperationsvertrag vir mam Stat. A wann et keen esou e Kooperationsvertrag gëtt, sinn d'Gemengen awer gehalten, den Direkter vun den Nationalarchiven ze informéieren, wa si ëffentlech Archive wëllen zerstéieren.

Et wär eis léiwer gewiescht, wann d'Gemeenge carrement encadréiert gi wäeren hei an deem Gesetz, dat heescht, wann eng Flicht bestanen hätt, fir hiren Archiv och beim Nationalarchiv ze hannerleeën oder op d'mannst op alle Fall eng Kollaboratioun do virzegesinn. Dofir bedauere mer dat, dëse Punkt, wat d'Gemengen ugeet.

Deen anere Regret, dee mer hu bei deem Gesetz, betrëfft d'Steierdokumenter. Am éischte Projet de loi war jo näischt virgesinn iwwert d'Steierdokumenter. Dat heescht, d'Steierdokumenter ënnerlouchen dem Secret fiscal a se waren total u sech hei hors champ bei deem Archivgesetz. Dat heescht, dass u sech d'Steierverwaltungen se hätte kënnen zerstéieren à leur discrétion, wat vu verschiddene Säite bedauert ginn ass, och vun der Säit vu menger Partei. An ech mengen, doropshin, op déi verschidde Kriticken hin, déi do komm sinn, ass dann nogebessert ginn. An d'Gesetz gesäit elo vir, dass Steierdokumenter kënnen disponibel gemaach ginn, allerdéngs eréischt no engem Delai vun 100 Joer.

Dat ass an eisen A regrettabel. Mir sinn an enger Zäit elo u sech... An deene leschte véier Joer ass do vill geschitt. Mir hate LuxLeaks. Mir haten eng Rei Affären am Beräich vun de Steieren. Mir wëssen och alleguerten, dass eist Land eng wichteg Finanzplaz huet. Mir wëssen, dass mer eng gewësse Vergaangenheet hunn, wat Steierpolitik ugeet, och wat eng gewëssen opportunistesch Steierpolitik ugeet.

An dofir fanne mir et regrettabel, dass mer elo u sech esou e laangen Delai hu vun 100 Joer, wat déi Dokumenter ugeet. Dat heescht am Kloertext, dass mer u sech eréischt um Enn vum 21. Jorhonnert kënnen ufänken, d'Geschicht vun de Steierrulingen ze schreiwen. Bon, Dir sot mer dann: „Dat ass e schlecht Beispill, well déi si souwisou schonn all disponibel. Den Här Deltour huet sech dorëm bekëmmert“, mä aner Dokumenter sinn dat net.

A mir fannen et net glécklech, och als Signal no bausen, dass mer do u sech esou eng Chape de plomb maachen op déi Dokumenter. A mir sinn och net iwwerzeegt vum Argumentaire vum Finanzministère, deen do u sech op eng



relativ strikt Ausleeung vum Secret fiscal zrëckgräift, fir dat doten ze justifiéieren, an deem och a sengem drëtten Punkt vu senger Argumentatioun - an dat grenzt da schonn e bëssen un Zynismus - dee Mangel un Transparenz probéiert ze justifiéieren mat Referenz op déi international Obligatiounen, déi mer hunn am Echange vu Steierinformatiounen, dass Lëtzebuerg do net konform wär zu sengen internationale Flichten, wa mer dat dote géife méi breet opmaachen.

Bon, dat ass e Regret. Et wäert eis awer net drun hënneren, dat hei matzestëmmen, well et ass besser wéi näischt. Et ass effektiv och gesot ginn, dass soss déi Steierdokumenter kéinte carrement zerstéiert ginn. Dat heescht, dat hei ass, wéi gesot, besser wéi näischt.

Här President, als Konklusioun géif ech gäre mat engem Zitat ophalen. Dat ass fir eng kéier emol net vum Robert Krieps, mä et ass vum Ben Fayot.

(Hilarité)

► **Une voix.** - Dat ass e Kënnegen!

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Dat ass e Kënnegen, dee sech ëmmer vill fir d'Archivéierung agesat huet an och fir den Nationalarchiv. An dofir fannen ech, dass eng gewësse Justice ass, fir en elo hei ze zitieren an enger vu menge leschte Rieden an der Chamber an dëser Legislatioun oder vläicht och iwwerhaupt.

(Hilarité)

Et weess ee jo net, wat geschitt am Oktober. Soit.

Bon, ech bréngen elo mäin Zitat. Hie sot an engem Artikel am „Land“ 2011, wou en u sech nach eng kéier probéiert huet, déi ganz Archivéierungsdiskussioun do ze relancieren, well näischt geschitt ass, sot en: «(...) les ANL, les Archives nationales, n'ont pas de lobby, comme d'ailleurs la BnL. Ce sont des instituts culturels qui n'ameutent pas les foules, mais qui sont indispensables comme fondements d'une société moderne, ouverte sur l'avenir comme sur son passé. La façon dont une société traite de tels instituts fondateurs révèle sa capacité à se construire elle-même. C'est pour cela qu'il faut remettre les ANL sur l'agenda politique.»

An, Här President, et ass net de mannste Verdéngscht vun dëser Regierung, dass se dëst Gesetz duerch d'Chamber bruecht huet, dass se der Archivéierung déi Wichtegkeet ginn huet, déi se verdéngt. An dofir wäerte mer, wéi gesot, dat Gesetz hei mat Freed matstëmmen.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

9. Ordre du jour (suite)

Ier ech der Madamm Sam Tanson d'Wuert ginn, wollt ech Iech just eng praktesch Informatioun ginn. An Ofsprooch mat deene verschiddene Fraktiounen wollt ech Iech proposéieren, fir dee leschte Punkt vum Ordre du jour, déi Sécurité-sociales-Konventioun mat China, op muer ze verleeën. Et ass och mam Rapporteur a mam Minister ofgeschwat.

Ass d'Chamber do dermat d'accord?

(Assentiment)

Merci.

Da soen ech Iech Merci.

(Hilarité)

Et ass an der Tëschenzäit schonn ustiechend.

Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

10. 6913 - Projet de loi sur l'archivage et portant modification

1° de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant réorganisation des instituts culturels de l'État;

2° de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;

3° du décret modifié du 18 juin 1811 contenant règlement pour l'administration de la justice en matière criminelle, de police correctionnelle, et de simple police, et tarif général des frais (suite)

Discussion générale (suite)

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Majo Merci, Här President.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Grënnung vum Lëtzebuurger Stat krute mer den éischten Archivist. Ech maachen elo net nach eng kéier den historesche Réckbléck. Ech mengen, deem hu mer de fond en comble haut scho gesinn, mä zanterdeem dass mer deem éischten Archivist hei haten, eng Informatioun, déi ech d'ailleurs am Avis vun de Bibliothekären an Archivisten zu dësem Projet gelies hunn, ass et nëmme lues weidergaangen am Archivwiesen.

Stand haut hu mer kee Gesetz, wat wirklech verhënnert, dass wichteg Dokumenter zu Lëtzebuerg zerstéiert ginn. Dobäi war d'Wichtegkeet vun den Archiven ni wirklech a Fro gestallt. Et muss ee sech allerdéngs d'Mëttel och ginn, fir dës Wichtegkeet an Taten ëmzesetzen.

Net nëmme aus historesche Grënn a weinst der Recherche ass d'Erhale vun öffentlechen Dokumenter an aneren eng Noutwendegkeet. Si retracéieren Decisiounen, déi geholl goufen, droen also och bäi zum demokratesche Fonctionnement vun onser Gesellschaft. Laut Unesco-Deklaratioun iwwert d'Archive séchere se dat individuell a kollektiiv Gediechtnes a schützen d'Biergerrechter.

Am KEP, dee mer jo déi lescht Woch hei debatéiert hunn, sinn am Deel „Patrimoine culturel“ gläich zwou Recommandatiounen den Archive gewidmet. Déi eng setze mer mam Vott zum Gesetz haut ëm. Déi aner ass déi, déi den Här Fayot och grad ugeschwat huet vun der Constructioun vun den Nationalarchiven.

Bei dësem zweete Volet schéngt jo dann och elo endlech Bewegung an den Dossier ze kommen. Ech hunn de Rapporteur nach de Moien um Radio héieren, dee gesot huet, den Avant-projet sommaire wier Enn Mee, wéi dat ugekënnegt gi wär, ugehall, soudass dee Projet also och weidergeet an hoffentlech dann och geschwënn an där nächster Legislaturperiod, d'Gesetz, ka gestëmmt ginn, well hei schwätze mer scho ganz laang dovunner. An een Deel vun deem Gesetz hei ass awer ganz noutwendeg, dass och déi néideg materiell Moyenen do sinn, fir herno dat Gesetz ëmzesetzen. An en uerdentlech Archivgebai gehéiert absolutt do derzou.

► **M. André Bauler (DP).** - Très bien!

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Dat Gesetz hei war jiddefalls laang iwwerfällg. Kee weess genee, wivill historesch relevant Dokumenter an de leschte Jorzéngten ongewollt, weinst Onwëssen oder - méi schlëmm - vläicht gewollt zerstéiert goufen. E Beispill, wat ech an deem selwechten Avis vun den Archivisten a Bibliothekäre gelies hunn, ass dat vum Zerstéieren an den 1960er Jore vun den Inventairen de Privatbibliothéike vu spoliéierte Judden. Dës Inventairen hu gefeelt, wéi d'Spoliatioun vun de Judden etudiéiert gouf.

Esou Zerstéierunge sollen elo net méi méiglech sinn. An d'öffentlech Hand gëtt elo responsabliséiert, mä och d'Privatarchive kréien e Kader. De Rapporteur ass schonn a sengem ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport op déi wichtegst Punkten gaangen. Ech soen him Merci dofir a wäert mech also op e puer aner Punkte beschränken.

Wéi scho gesot, déi gréng Fraktioun begréisst absolutt dat heite Gesetz. Ech wollt allerdéngs op e puer Punkte méi speziell agoen, fir d'Éischt emol och dee vun de Gemengen.

Et gouf jo eng sëllechen Diskussiounen an deem Punkt. An déi Léisung, déi hei zrëckbehale gouf, ass jiddefalls besser, wéi wa guer keng Léisung do wier, mä et ass net komplett zefriddestellend. Ënnert dem Deckmantel vun der faméiser Autonomie communale, déi mer jo gären zu Lëtzebuerg zéien, ginn d'Gemengen aus der Verantwortung geholl, déiselwecht archivaresch Aarbecht ze leeschte wéi de Rescht vun der öffentlecher Hand.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Jo, et kann e Contrat de coopération ënnerschriwwen ginn an, jo, et muss gemellt ginn, wann eppes soll zerstéiert ginn, mä letztendlech gëtt et keng Pflicht, och net am Gemengegesetz, fachgerecht mat den Archiven ëmzegoen. Dobäi sinn déi net manner wichtig, fir d'Geschicht vun onsem Land an déi demokratesch Prozesser nozevollzéien.

D'Stad Lëtzebuerg huet zum Beispill e ganz gutt fonctionnéierend eegent Archiv mat interner Richtlinnen. An ech si mer absolutt bewusst, dass esou e Service net fir kleng Gemenge machbar ass, mä de Risiko, dat wäertvoll kommunal Dokumenter enzwousch op Späicheren oder a Kellere verkommen, voire enger Plënnerraktioun zum Affer falen, deem hu mer mat dësem Projet net ganz geléist. A wann een tëscht den Zeile liest, da geet et och manner ëm déi ominéis Autonomie communale, mä vill méi ëm d'Suerg, net genuch Moyenen,

finanzieller oder materieller Natur, ze hunn an eben deene méi kleng Gemengen, fir dës Aarbecht kënnen uerdentlech ze maachen.

Ech kann dës Suerg verstoen, mä um Enn, wann duerno de Bierg vun Archive just un d'Nationalarchive weidergeleet gëtt, da muss d'Aarbecht nawell vun engem gemaach ginn. Et muss awer gekuckt ginn: Wat muss klasséiert ginn? Wat muss zrëckbehale ginn? Wat kann zerstéiert ginn? An also mussen déi personell a finanziell Moyenen iergendzousch trotzdeem existéieren. Dat ass d'ailleurs eng Fro, den Här Fayot huet se virdrun och nach opgeworf, déi dacks an dësem Kontext gestallt gëtt, an e Problem, op deem higewise gëtt, dass d'Nationalarchive wirklech déi néideg Moyene kréien, fir d'Aufgaben aus dësem Gesetz ze meeschteren.

Dohier si mer der Meinung, dass, wann de System elo emol bis leeft an et besser ze iwwerblécken ass, wéi eng Moyene genee fir déi ganz Aarbecht néideg sinn, nach eng kéier muss iwwer eng méi verlichtend Haltung fir all d'Gemengen nogeduecht ginn, quitte dass een dann och do virgesäit, dass d'Gemengen déi néideg Moyenen och kréien, well all déi Argumenter, wisou d'Archivgesetz néideg ass, déi sinn och richtig bei de Gemengen. Do ännert a mengen Aen d'Gemengenautonomie och näischt drun.

Och d'politesch Parteie gehéieren allerdéngs zum demokratesche Prozess derzou. Och si missten eigentlech vun dësem Text couvéiert sinn. Si sinn net an der Definitioun virgesinn, mä ech maachen dann en Appell un Iech alleguerten, e bësse responsabel domadder ëmzegoen.

déi gréng hunn zum Beispill virun e puer Joer extern eis hëllef gelooss, fir an eisen Archiven den Tri ze maachen. Déi sinn och un d'Nationalarchive weidergaangen, dat, wat sënnavoll ass. An ech mengen, dass och d'parteiolitesch Aarbecht absolutt zum demokratesche Prozess, zu der Geschicht derzougehéiert. Et ginn och Beispiller vu Politiker, déi perséinlech Archiven esou eraginn hunn. An et wär wichteg, wann och d'Parteien hei déi Verantwortung géifen iwwerhuelen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Dann och de Punkt vun der Steierverwaltung. Och hei ass et par rapport zum initialen Text e grouse Fortschritt, dass d'Dokumenter vun der Steierverwaltung net aus dem Champ d'application eraus sinn, dat heescht, dass déi Dokumenter net zerstéiert ginn. E Bemoll ass allerdéngs, dass eng Ausnameregulung virgesinn ass, ab weini dës Dokumenter kënnen consultéiert ginn.

Am Prinzip huet een Zougrieff op d'Dokument, wann dës bis an den Archive sinn. Ausname gëtt et verständlecherweis fir alles, wat mat der Sécherheet vum Land ze dinn huet oder den externe Relatiounen. Hei sinn et 50 Joer. Idem fir Gerichtsaffären an Dokumenter, wou de confidentielle Charakter vu kommerziellen an industriellen Informatiounen a Gefor wier. Fir alles, wat ënnert de Secret fiscal awer fält, do sinn et 100 Joer. Dat heescht, zu Lëtzebuerg ass nach ëmmer näischt méi geheim wéi de Secret fiscal.

Op meng Nofro hin an och well de Statsrot a sengem leschten Avis d'Fro opgeworf hat, wat dann elo déi Différence de traitement géif justifiéieren, krute mer eben eng Äntwert vum Ministère, wou dann erkläert gëtt, ënner anerem: «(...) les archives publiques couvertes par le secret fiscal nécessitent une protection accrue par rapport à d'autres renseignements individuels relatifs à la vie privée. En particulier, le délai de cent ans se justifie par le fait que les informations en question se rapportent non seulement à la personne directement concernée, mais par ricochet à un groupe élargi de personnes, dont notamment les parents ainsi que les enfants et petits-enfants.»

An dann dee leschten, déi lescht Erklärung - den Här Fayot hat dat och scho virdrun ugeschwat -, dat ass déi, dass an internationale Konventiounen dat eigentlech e bësse gefuerdert wier: «Les sujétions internationales et européennes découlant des règles applicables à l'échange de renseignements sur demande et automatique en matière fiscale, qui imposent une stricte confidentialité des procédures et échanges entre autorités, s'opposent en principe à rendre les documents correspondants accessibles au public.»

Wann een dëst alles liest, kéint ee mengen, et géif hei nëmme ëm Privatpersounen goen. Dat ass jo awer net de Fall. Och Entreprisë falen dorënner. Do ass et also net d'Ve intime, déi concernéiert ass, an och net d'Enfants an d'Petits-enfants. Dobäi däerf een och net vergiesen: Och d'Informatiounen - de Rapporteur hat dat am Detail erkläert - iwwer Privatpersounen sinn eng länger Zäit net öffentlech. Wat d'Finanzsituatioun vu Persounen ubelaangt, esou

ass schonn am Gesetz en Delai vu 25 Joer virgesinn, nom Dout vun der Persoun, iert dës Donnéeë kënnen öffentlech gemaach ginn. Och hei gëtt keng Rücksicht op d'Ierwe geholl.

Wat d'international Relatiounen ugeet, do hunn ech mech gefrot: Okay, mä wéi ass et dann am Ausland geregelt? Am franséische Gesetz gëtt et keng Ausnam zu dësem Punkt, an am däitsche Gesetz fält d'Steiergeheimnis ënner eng generell Schutzbestëmmung vu 60 Joer. Dat Argument ass also a mengen Aen och e bësse schwéier nozevollzéien. An onsen Ae kéint op dësem Punkt eng Harmoniséierung vun den Delaien iergendwann virgesi ginn.

Dat verhënnert awer net, dass mer absolutt averstane si mat de Grondiddie vun dësem Text, deem d'Opaarbechtung vun onser Geschichte an d'Transparenz vun onsen Decisiounen stäerkt. An ech gi ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci der Madamm Tanson. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Madamm President. Och e grouse Merci un den Här Bauler fir eng héichinteressant an akribesche Recherche, mat där e säi Rapport eigentlech ageleet huet, fir eis an dës Matière anzeféieren.

Mir begrëssen ausdrécklech, dass mer elo en Archivgesetz hei zu Lëtzebuerg hunn. Ech mengen, d'Virriedner hunn alleguer erkläert, firwat dat wichteg ass. An ech wëll dat elo net nach eng kéier widderhuelen. Och schlësse mir als ADR eis ganz gär deenen un, déi soen: „Et gëtt héich Zäit, dass de Projet vun engem Gebai fir d'Archiven och realiséiert gëtt.“ Ech mengen, och do ass jiddwereen heibannen domadder d'accord. Et geet drëm, eist kollektiiv Gediechtnes vun dësem Land, vun eisen Institutionen, Administratiounen an esou weider ze fleegen a fir d'Nowelt ze sécheren an och ze verschaffen.

Mir haten eis awer eng ganz Rei Froe gestallt, wou mer dësen Text gelies hunn, wéi och aner, mä mir komme vläicht och zum Deel zu anere Konklusiounen.

Dat Éischt ass déi Notioun vun „Archiv“ selwer. Am Gesetz steet eigentlech, et ass en „Ensemble de documents“, mä ech mengen, déi éischt Phas, fir en Tri ze maachen, deem éischen, deem en Tri mécht: „Wat ass eigentlech derwäert, fir gehalen ze ginn, oder net derwäert, fir gehalen ze ginn?“, dat ass deem, deem dermat schafft.

Et misst also eigentlech gesot ginn: En Archiv, dat ass en „Ensemble de documents“, awer déi mat der Intentioun ugeluecht ginn, fir och gehalen ze ginn, fir conservéiert ze ginn. Net all Dokument ass derwäert conservéiert ze ginn. An deem éischen Tri gëtt gemaach vun deem, dee mat engem Dokument schafft. Ech mengen, dat ass einfach d'Realitéit vun der Verwaltungsarbecht.

Dann hu mer eis och gewonnert, dass Kierch a Stat hei e bëssen an een Dëppe gehäit goufe vun enger Regierung, déi sech awer elo breet mat Broschüren iwwerall, dass se d'Trennung vu Kierch a Stat realiséiert huet. Hei gi global d'Relioungsgemeinschaften, d'Archive ginn als „Archives publiques“ tituliert an duerno gëtt gesot: „Se hunn awer all Derogatiounen.“ Ass dat eng Demande gewiescht vun de Culden hei am Land? Firwat gëtt dat esou gemaach? Et wier interessant, fir dat ze wëssen.

Natierlech soll de Stat eng Hand bidden a soen: „Wann Dir Hëllef braucht, fir Är Archiven ze stockéieren, wann Der eng Hëllef braucht, fir se opzevereiden, fir den Etat civil an och nach aner wichteg Dokumenter ze fleegen, da si mir do, fir Iech ze hëllefen.“

Mä déi Demarche hei ass awer u sech als Éischt eng vun der Appropriatioun an dann eng vun der Derogatioun, wou de Stat praktesch souverainement decidéiert, wat mat den Archive vun de Culté soll geschéien. Ass dat op Demande vun de Culté geschitt? Oder wéi definéiert dann do de Stat säi Verhältnis zu de Culden?

Dann e bëssen en onglécklechen Ausdruck ass dat, wat soll mat den Archive geschéien oder mat där Kollektioun vun Dokumenter, wa se um Enn vun hirer Nützlechkeet, hirem Verwaltungsprozess ukomm sinn. Hei steet den „Sort final“. En anere Begrëff wär vläicht besser gewiescht. Mä op jidde Fall geet et ëm eng Decisioun, ob dann en Ensembl vun Dokumenter soll gehalen oder deeselwechten Ensembl komplett soll zerstéiert ginn.

Et gëtt och do e Mëttelwee. Et gëtt och do eng Méiglechkeet, fir ze differenzéieren a fir ze soen: Dealer hale mer an Dealer hale mer net.